CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 AVR. 2017
2921

CSV FRAKTIOUN

**Här Mars Di Bartolomeo**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2017

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement steet, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro iwwer d'Geschichtsinstitut vun der Uni Lëtzebuerg un den Här Minister fir Héichschoul a Recherche, weiderzeginn.

Laut engem Interview gëschter um *Radio 100,7* fäerten d'Historiker vum Geschichtsinstitut vun der Uni Lëtzebuerg, datt wéinst Budgetskierzungen op der Uni, zwee vu fënnef Léierstill an Zukunft net méi ersaat ginn : een fir déi Fréier Neizäit an een fir d'Lëtzebuerger Transnational Geschicht. D'Geschicht géif domadder net méi komplett op der Uni Lëtzebuerg ofgedeckt ginn, wat net den internationalen Standard'en entsprécht.

Dofir wëll ech dem Här Minister fir Héichschoul a Recherche dës Froën stellen :

- Kann den Här Minister déi Situatioun confirméieren?
- Wa jo, a wëssend, datt d'Regierung ëmmer betount huet, datt d'Schaafung vun engem Institut fir Zäitgeschicht net op Käschten vum historeschen Institut vun der Uni géif goen mä béides komplementär wier, misst senger Meenung no d'Regierung net hier Verantwortung iwwerhuelen an sech am Conseil vun der Uni Lëtzebuerg dofir asetzen, datt d'Geschicht weider komplett ofgedeckt gëtt an noutfalls déi Suen dofir op den Dësch leeën?

Här President, mat mengem déiwen Respekt,

Serge Wilmes
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre délégué

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec
le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 MAI 2017

Luxembourg, le 8 mai 2017

**Concerne:** Question parlementaire n° 2921 du 13 avril 2017
de Monsieur le Député Serge Wilmes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire n° 2921 du 13 avril 2017 concernant l'Institut d'histoire de l'Université du Luxembourg.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Marc Hansen
Ministre délégué à l'Enseignement supérieur
et à la Recherche

18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Tél. (+352) 247 85203
Fax (+352) 40 66 98
www.mesr.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Delegéierten Héichschoul- a Fuerschungsminister op d'parlamentaresch Fro N° 2921 vum Honorablen Deputéierten Serge Wilmes iwwer d'Geschichtsinstitut vun der Universitéit Lëtzebuerg**

Ech reagéieren op dem honorablen Deputéierten seng Froe mat dëse Präzisiounen, déi sech gréisstendeels op Informatioune vun der Uni Lëtzebuerg baséieren.

Als éischt wëll ech kloerstellen, dass de globale Budget vun der Uni tëschent 2016 an 2017 vu ronn 212 op 224 Milliounen Euro erop geet. Zielt een och nach dozou déi 10,5 Milliounen Euro Reserve, déi kënne genotzt ginn, da sinn dat 2017 10% méi Ausgaben par rapport zum Joer 2016.

Den Informatioune vun der Uni Lëtzebuerg no gëtt déi intern Propositioun fir de 4–Joresplang 2018-2021 eréischt ausgeschafft an dofir sinn och nach keng Décisioune gefall wat déi geplangten Evolutioun vun deene verschiddenen Domainer betrëfft. Hei ass och ze bemierken, dass am "contrat d'établissement pluriannuel" tëschent dem Staat an der Universitéit déi generell Politik, strategesch Choixen, Objektiver, Aktivitéiten am Héichschoul- a Fuerschungsberäich, finanziell Mëttelen an Effektiver festgeluecht ginn, awer keng eenzel Posten an deene verschiddene Domainer.

Wat déi vum Honorablen Deputéierten ugeschwate Situatioun a Punkto Léierstill a Posten an de Geschichtswëssenschaften ubelaangt, esou muss een ënnerscheeden zwëschen Professeren, déi vum Geschichtsinstitut vun der FLSHASE an den nei geschafene Centre interdisciplinaire IHTP wiesselen, engersäits, a Professeren, déi hir Pensiounsuspréch geltend maachen, anerersäits.

Wat d'Professeren, déi hir Pensiounsuspréch geltend maachen, ubelaangt, esou ass et un dem Rektorat an dem conseil de gouvernance vun der Uni ze décidéieren, ob si ersat ginn oder net, an dëst gëllt fir all d'Professersposten, onofhängeg dovun, ob et sech ëm e Professer mat Beamtestatut handelt oder ëm e Professer, deen nom Privatrecht agestallt gouf.

Ouni dass ech an déi pädagogesch a wëssenschaftlech Autonomie vun der Universitéit wëll agräifen a scho guer net mech ëm de Recrutement vun eenzele Proffe këmmere wëll, kann ech awer bemierken, dass et am Prinzip weiderhi méiglech ass, dass Historiker, déi de Statut vun engem Fonctionnaire hunn an also an de Grënnungsjoren aus dem Enseignement secondaire op d'Uni gewiesselt woren, duerch Historiker mat Beamtestatut ersat ginn, déi eng Décharge kréien fir op der Uni zur Léier a Fuerschung bäizedroen.